LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 721 vum 13. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Gusty Graas a vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

- Ass d'Inspection sanitaire schonn ageschalt ginn, fir de betraffenen Terrain zu Ettelbréck ze besichen an eventuell Moossnamen z'ergräifen, wann déi ëffentlech Gesondheet a Fro gestallt wier?

D'Inspection sanitaire huet bis elo keng Kenntnis vun esou Platzen an ass an dem Sënn och nach ni ageschalt ginn.

- Wa jo, iwwer wat fir Instrumenter verfüügt d'Inspektioun fir sou Situatiounen ze deblockéieren?

n/a

- Wéi dacks an op wat fir enge Plazen ass d'Inspektioun an de leschte Jore geruff ginn, fir änlech Hotspotten opzeléisen?

D'Inspection sanitaire ass, wéi an der Äntwert op d' Fro 1 präziséiert, nach ni ageschalt ginn.

- *Stëmmt et, datt de Phänomen vum Drogekonsum an de Garer Quartieren zu Esch/Uelzecht an zu Ettelbréck zanter Januar 2024 zougeholl huet?*

Den Observatioune vun der Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef (JDH) no, déi séit Joerzéngten zu Esch an Ettelbréck Hëllefsoffere fir drogenofhängeg Mënschen ubitt, kann ee follgend Constaten zeréckbehalen:

Säit Ufanks dës Joers, enregistréiert de nidderschwëllege Service Contact Nord vun der JDH zu Ettelbréck méi Passagen. Dëst ass awer virun allem doduerch bedéngt, dass d'Ëffnungszäite vum Service verlängert goufen.

De Public vum Service Contact Nord war éischter op hir „Stammclienten" limitéiert. Rezent gräifen awer och onbekannte Clienten, respektiv Clienten déi aus der Stad kommen, a virdrun do op spezialiséiert Servicer zréckgegraff hunn, op de Service Contact Nord zréck.

Dëst ass op de Kontext vun der progressiver Dezentraliséierung vun de Servicer zréckzeféieren, déi ee méi diversifizéierte regionalen Accès vun de nationalen Hëllefsoffere vir drogenofhängeg Mënsche méiglech mécht.

Et schéngt dann och esou ze sinn, dass déi Persounen, déi sech op der Ettelbrécker Gare ophalen, generell an enger prekärer Situatioun sinn, mee net onbedéngt e problematesche Konsum vun illegalen Drogen opweisen. D'Clientë sinn dann och meeschtens staark alkoholiséiert wann si de Service Contact Nord besichen.

Op Basis vun dësen Observatiounen ass et schwéier ze soen ob de Phänomen vum Drogekonsum zougeholl huet oder sech éischter verännert huet.

Am superviséierten Drogekonsumraum zu Esch sinn d'Zuele vum Konsum liicht zeréckgaangen, d'Zuele vum Sprëtzenaustausch dogéint awer net. Dës Tendenz kann een esou interpretéieren, dass de Konsum op aneren an/oder private Platze stattfënnt. Laut der Fondatioun Jugend an Drogenhëllef ass den Drogekonsum am ëffentleche Raum awer éischter rar zu Esch.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez